LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 09:53, 13/10/2020

Luxembourg, le 12 octobre 2020

**Référence :** 834x01df7

**Objet :** Question parlementaire n°2796 du 10 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de la nomenclature

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2796 du 10 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de la nomenclature.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale

Romain SCHNEIDER

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°2796

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet an der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2796 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'Nomenclature**

*1. Firwat gouf d'AMMD net an de Prozess vum Ausschaffe vun der Nomenklatur am Hibléck op d'COVID-Pandemie aktiv matagebonnen?*

D'Bekämpfung vun der COVID-19-Kris an hir Konsequenzen hunn et erfuerdert dat eng Rei Mesuren an der absolutter Urgence hu misste geholl ginn. Dozou zielt d'Aféierung vun nei Akten, fir sécherzestellen, dat déi Dokteren, déi um Terrain mat groussem Engagement sech ëm déi betraffene Persounen hu misste bekëmmeren a medezinesch suivéieren, konnten och finanziell fir hir Aarbecht entlount ginn.

Dat d'Associatioun déi d'Dokteren an d'Zähndoktere vertrëtt (AMMD) net konnt consultéiert ginn, leit net dorunner dat et net gewollt war, mee an der Natur vun der Drénglechkeet.

Et ass effektiv esou dat am Kader vun der COVID-19-Kris, d'Diskussiounen net am normale Kader vun der Nomenclatureskommissioun gehale konnte gi wat d'Integratioun vun de spezifeschen Akte vun der Krise ubelaangt.

Den 11. Mäerz 2020 gouf eng urgent Reunioun vun der Nomenclaureskommissioun ofgehalen, an där d'AMMD och präsent war, fir iwwert d'Aféierung vum Akte vun der Téléconsultatioun fir Dokteren an Zänndokteren ze schwätzen (méi präzis iwwert d'Akte C45 an DC45).

Alleguerten d'Modalitéiten, dat heescht de Libelle, de Koeffizient, d'Applikatiounsméiglechkeeten an d'Konditioune vun der Prise en Charge vun der Gesondheetskeess goufen do diskutéiert an an engem gemeinsamen Accord validéiert.

Mëtt Mäerz, wou d'AMMD an de Gesondheetsministère an Diskussioune ware fir den Etablissement vun enger Konventioun iwwert d'Adaptatioun vum Fonctionnement vun de Maisons médicales déi exklusiv nëmme solle COVID-19 Patienten en Charge huelen, huet d'Pandemie sech esou séier ausgebreet dat de Confinement huet missten en Place gesat ginn an Doktespraxissen hu missten zougemaach ginn. Dëst huet dozou gefouert dat eng nei Organisatioun huet séier missten en Place gesat gi wou d'Patienten déi sech infizéiert hate séier konnte behandelt ginn.

Den 20. Mäerz 2020 gouf dunn d'Mise en Place vun de Centres de soins avancés (CSA) vun der Cellule de crise validéiert fir eng éischt Ouverture ab dem 23. Mäerz 2020 an der Luxexpo an déi nächst Deeg op anere Sitten.

An dësem Kontext vun der Urgence, war et dat Wichtegst den Dokteren déi sech ëm d'Patiente gekëmmert hunn an deenen neie CSAen, eng Remuneratioun ze garantéiere fir hier Aktivitéit.

Dono gouf da vu verschiddene Acteure gefrot dat de selwechte Remuneratiounsprinzip vun den Dokteren an den Urgencë och an dëse Fäll kéint appliziéiert ginn. Méi spéit gouf och gefrot d'Covid-19-Akten an de Spidolsservicer ze appliziéieren a finalement dat et kéint eng finanziell Kompensatioun si fir den Arrêt vun den Doktespraxissen.

*2. A wéi engem Zäitplang wëll d'Regierung en Accord mat den Dokteren iwwer eng Neifassung vun der Nomenklatur fannen? Huet d'Diskussioun iwwer d'Nomenklatur e prioritare Charakter?*

Wat d'Aarbechte vun der Reform vun der Nomenclature ugeet déi d'Gesondheetskeess 2017 lancéiert huet, ginn dës nach ëmmer aktiv verfollegt a Zesummenaarbecht mat den Dokteren. Verschidden iwwerschaffte Kapitele gi schonn applizéiert, anerer wäerten et geschwënn ginn. Desweidere finaliséiere verschidde Spezialitéiten nach hier Aarbechten an anerer hunn elo domat ugefaangen.

Fir dës Aarbechte gutt kënnen ze maachen huet d'Gesondheetskeess en extra Service gegrënnt deen sech ëm des Aarbechte këmmert. D'Avance vun dësem Service ginn der Nomenclaturekommissioun an dem Verwaltungsrot vun der Gesondheetskeess reegelméisseg matgedeelt.

Dës Projete sinn awer nëmmen ze realiséiere wann d'AMMD se och mat dréit a mat der Kontributioun vun deenen eenzele Spezialitéiten.

Den Objektiv ass et bis En 2022 d'Modifikatioune vun den Haaptkapitele fäerdeg ze hunn fir 2023 eng nei a moderniséiert Nomenclature ze hunn déi et erméiglecht en Descriptif an eng Valorisatioun vun den Akten ze hunn nom aktuelle Stand vun der Wëssenschaft.